

Home : Hiezung an Energie



En Home soll keen Aiskeller sinn an de Frigo soll nët d'Heizung vum Home sinn? Oder awer?

Fréier sin d'Scoutschalet dachs net regelmäseg iwwert den Hierscht a Wanter gehetzt gewiescht fir dann kuurz virun der Versammlung eropgefuer- an dono nees erofgefuer ze ginn. Och wann dëst vläicht e Wee wor fir direkt Käschte ze spuere, esou goug dëst dann ower dachs op Käschte vun engem **gesonde Raumklima** an och op Käschte vu Material a vun der Chaletsinfrastruktur sëlwer.

Mat minimaler Technik kann een e Chalet esou temperéiere, datt ee sech wuel fillt an d'Material net drënner leid: **Opendhalts- an Aktivitéitsräim** bis 22 Grad, **Dortoire a Sanitäre** tëscht 17 an 19 Grad Riichttemperatur, e Keller kënnt mat manner ewéi 15 Grad aus.

Wann en Home oder Chalet mat **Regelungstechnik** équipéiert ass déi effektiv nët nëmmen just d'Heizung steiert, mee och aner Hëtztquelle mat verschafft wéi z.B. d'Wäermt vu moderne lewen oder Kamainer, Waarmwaasserkollektore oder sos Ofwäermt vun fixe Haushalts-Apparater, da loosse sech d'Fonctionnementskäschte drécke, den Uschaffungspräis ass hefir leider net fir näischt. **Steierungs- a Reglungstechnik** kann en Dag- an Nuetsbetrib vun der Heizung ariichten.

An der **Kiche** vun engem Home kann een direkt e Waarmwaasserkrunn ariichte fir grouss Dëpper ze fëlle, esou fällt onnéideg Energie ewech fir kalt Waasser op Gas oder Elekresch ëmständlech a laang opzewiirme fir ze kache. **D'Virlafttemperatur an der Chaudière** soll **optimal agestallt** gin fir e.a. och d'Bildung vu Legionelose ze verhënnere. An Chalet mat enger professioneller Kichen kann een d'Frëschoftzoufuer mat der Ofsauginstallatioun vun der Hotte koppele fir datt kéng waarm Loft onnéideg d'Päif aus geet.

Niewend der Technik ziele ganz vill **Reflexer a Sensibiliséierung**: wann een e Sall oder en Dortoir léft, dann drunn denke fir den Thermostat erofzedréine fir nët d'Hëtzt ze verbëtze. Pro Branche kann de Chef no der Versammlung nach en Check Tour maache, Thermostat erof, léfte an dono d'Temperatur

astelle éier di nächst Versammlung ugeet. Mat intelligenter Ventillatiounstechnik kann een d'Oprappe vun de Fenstere reduzéiere esou datt een am Wanter keng onnëtz Keelt eranhellt an am Summer kéng Hëtzt. Beim Spulle kann Waasser gespuert ginn, wann direkt mat waarme Waasser geschafft get amplaz ënnert lafendem Krunn mat kalem Waasser spulle. Hefir soll en Home esou einfach wi méiglech ze bedenge sinn, an esou efficace wi méiglech fir datt gidfereen mat der agebautener Technik eens gët. Mat einfache **Thermometere** kann een d'Hëtzt am Chalet moosse, an iwwert d'Zäit gekuckt de Verbrauch verglaichen an lues a lues drécken. **CO² Moosapparater** ënnerstetzen d'Leftungstechnik an hellefe esou och Energie ze spuere andeems een eréicht léft wann d'CO²-Ampel op roud spréngt.

Generell zielt och beim Scoutshome ofzeweie wate e wirklech brauch: di optimalste Wärmedämmung ass vläit fir en Home net optimal an di deierst techesch Equipementer sinn net sënnvoll wann nëmmen een oder keen se richtig uwenden oder bedéngé kann.

> [Lëtzebuurger Guiden a Scouten](#)
> [Arbeitsgrupp Nohaltegkeet](#)
> nohaltegkeet@lgs.lu

Home : Heizung an Energie, Editioun vum 18. September 2021
